

## Lëtzebuergesch, schwéier Sprooch


Et steet nun emol „am Gesetz“, datt een ë.a. eis Sprooch muss kënne oder léieren, fir d'Nationalitéit vum Grand-Duché ze kréien; mir ginn hei natierlech net op bestëmmte komplex Fäll an, bei deenen d'Sproochelement fir d'Nationalitéit keng Haaptroll spillt (Bestueden; Ofstamung; besonnesch Verdéngschter...). Et geet also an dësem Schreiwes einfach em déi „normal“, dat heescht déi allermeescht Fäll.

„Lëtzebuergesch léieren“, dat ass alt esou eng Saach. Wien Däitsch, Franséisch oder Englesch an deene respektive Länner wëllt/muss léieren, dee leeft an enger Gesellschaft, wou rondrem praktesch näischt anescht geschwat gëtt. Mat engem durchschnittlech normalen „Täti“ räaft hien op d'mannst esou vill op „natierlech“ Wee wéi an engem Sall mat enger Léierpersoun. An eiser Gesellschaft huet dat sech ganz anescht: ass z. B. nëmmen een „dobäi“, dee just Franséisch kann... da schalte mir all an deem seng Sprooch. Dat ass natierlech kamoud fir äis, och vläicht fir déi friem Persoun... ower Pech fir deen, dee Lëtzebuergesch wëllt léieren! Loosst mer emol dee bekannte Fall beim Bäcker oder soss enger Caisse op der Säit, och wann dat e sëllege Leit dacks ongehal mécht, vrun allem, wann een zimlech „katzeg“ dohinner gebaupst kritt; „En français, s'il vous plaît“... mä setzt iech emol am „Frontalier“ seng Plaz: Zesoen duebel Pai wéi déi aner Säit; bal der kompletter Klientell ass d'Sprooch egal, d'Lëtzebuenger knujele bal all automatesch hiert méi oder wéineger éierbaart Franséisch... an de Patron léisst säi Personal gewäerden. Soss enzwëschen ass dat genee ëmgedréint: Am Frankräich oder an England muss dee „Friemen“ sech sproochlech upassen, oder d'Leit maachen sech rar! Zu Bordeaux kee Franséisch? Dann trëppel! Zu Hannover keen Däitsch? Nixda! Bei äis, zimlech „egal wat“. Hand op d'Häerz: Huet dir ewell engem gesot/bäibruecht, datt „siwen“ hei nun emol net „sept“ mä „si-wen“ ass?

Mä da sollen „se“ a Coursë goen, heescht et. Dat si genee 7 Wieder! Ower wéi mécht dat sech an der Praxis? Haut gëtt et zwar uechter d'ganz Land Coursën, an eis Sprooch ass esouguer voll an universitäre Programmen dran, no deenen et de Bachelor an de Master am Lëtzebuergesch, grad ewéi a kultureller Identitéit gëtt; och d'Promovéieren (Doktorat) ass net wäit ewech; Professere fir Lëtzebuergesch sinn ewell ernannt. Dat giff sech an deer geschlaffener Ausdrucksweis „Paradigme-wiessel“ nennen, fir ze soen, datt de Fong sech geännert huet. Den „Institut national des langues“ platzt zesoen aus allen Néit, mä firwat? Meeschtens dréint et sech em d'Sproochconditioun fir eis Nationalitéit. Oder?

Et gëtt ower en Ënnerscheid tëscht der Sprooch am Allgemengen an dem typesche Gebrauch fir z. B. e bestëmmte Beruff. Hei bräichte mir kleng Heftercher, déi sech rondrem d'Lëtzebuergesch a bestëmmte Situatiounen dréinen: An enger Metzlerlei „falen“ aner Wieder a Sätz wéi hannert enger Bakes-Théik; an enger Caisse geng et spezifesch mat zwou Dose Sätz duergoen; an engem Spidol ass d'Saach natierlech vill méi komplizéiert... a verdäiwelt wichteg; et wier ower net onméiglech, wann do e Bichelche geng entstoen, dat sech mam Sproochgebrauch vum Medezinner, dem Paramedezinner an dem „Zëmmerpersonal“ giff ofginn; denkt emol un d'Problemer/Geforen, déi an der Klinik duerch Schlecht-Verstoen opkomme kënne! Et gëtt Maandele voll Méiglechkeeten, déi intresséiert Sproochleit speziell fir dësen oder dee Beruff kënnen opschaffen. Also: „Plein de pain sur la planche!“ Dann eran domat!

vum Lex Roth



(Zeechnung: O. Jaminon)

## Sprooch kennen a kënnen

**Eng Sprooch „kënnen“, dat ka Villes heeschen.** Do gëtt et jo en immensen Ënnerscheid tëscht „verstoen“ a „gebrauchen“. Mir gebrauche selwer an alle Sproochen, déi mir „kënnen“ vläicht nach net emol d'Halschent vun den Ausdréck, déi mir ower verstin. Méi blénkeg ausgedréckt giff ee vu passivem an aktivem Vocabulaire schwätzen. **Wien an egal watfir engem „Idiom“ ronn 3 000 Wieder „kann“ a grammatesch zimlech éierbar asetzt, dee kann sech ganz gutt verständlech maachen ...** versteet och, wat déi aner Säit gesot gëtt ... well am gewéinleche Gespréich ginn a kenger Sprooch och méi wéi +/- 3000 Wieder gebraucht ... fir d'Lëtzebuergesch ass nach net ënnersicht, watfir Ausdréck dat „der Trap no“ sinn; haut wier et fir déi giedeleg Spezialiste mat deenen néidegen „Algorhythmen“ net watterdäiwel schwéier, eng Lëscht dovun ze maachen. Hallo Uni.lu!

Ganz sécher giff een an esou enger „Gebrauchslëscht“ **ower z. B. eist Verb „gotzelen“ net fannen, och „gëmmen“ net ...** well domat „heeschen“ an de meeschte Fäll geménzt ass. **Falsch ass et, direkt domat ze kommen, déi Wieder, déi een net „kann“ als al, museal, evolutiouns-verschwonn/verblatzt ze vernennen ...** well an deem Fall kënnen an deer e bësse méi „gehuewener“ franséischer/däitscher oder englescher Press – vun der Literatur net ze schwätzen – säckweis Ausdréck an de Sprooch-Lompekerf gehäit (geworf, gepuchtpuchen?) ginn. Genee datselwecht gëtt et natierlech och am Lëtzebuergesch! Net jiddereen ass, egal a watfir enger Sprooch eng „Wiederquell“!

## E laangen Dag!

**Kënnst dir iech virstellen, datt et keng Familjenannoncen op Lëtzebuergesch an eisen Zeitunge gëtt,** keng Lieserbréiwer an eiser Sprooch, Reklammen oder soss Artikelen, déi net op Däitsch oder Franséisch sinn; Menüskarten op Lëtzebuergesch. Haut plazeweis 80%!

**Erënnert dir iech nach drun,** datt op den Uertschafts- a Stroosseschëlter nëmmen *Troine, Mondercange, Clervaux, Hollenfels, Insborn* an net och nach Tratten, Monnerech, Clierf, Huelmes, Ënsber asw. stong? Datselwecht mat *rue des Vignobles, Grand-rue, rue Basse* aplaz am Wéngert, Groussgaass, Ënneschtgaass? Jo? Da sidd dir net wäit vun der Pensioun ewech, oder ewell eng Zäitchen dran. Dat ass alles **eréischt an de 70er-Joere komm;** et sinn deemno iwuer 40 Joer hier! Déi Uertschafts- a Stroossennimm op Lëtzebuergesch och nach am Téléphonsbuch ... do guff ee bal ausgegréngt, wéi ee mat deem Uleies bei d'Ministren an Direkteren oder Schefferéit komm ass! Wéi dir uechter d'ganz Land kënnst gesinn, ass et ower dowäert gewiescht. An den nächste Woche gëtt eng Lëscht mat all deenen Eenzelheete vun „Actioun“ zesummegestallt an och publizéiert ... do wonnert méi ewéi een sech!

**Denkt dir alt emol nach un déi Zäit,** wou et a kengerlee kenger Schoul och nëmmen en „Zigarettebichelche“ fir d'Lëtzebuergesch guff... dat ower déck an dichteg als „*langue et littérature luxembourgeoises*“ op deer alleréischter Plaz vun der Zensur stong?

**Deer „Saachen“ an Dosenden anerer gëtt et kéipweis, iert eis Actioun-Lëtzebuergesch sech se vru 45 Joer op hire Fändel geschriwwen huet...** deen si ni kritt a gebraucht huet! Well si an hir Membren sech „net ginn hunn“, huet eis Sprooch haut eng (och gesetzlech!) Positioun, vun deer „an der Zäit“ dach emol kee gedreemt hätt. **We had that dream!... and realized it!**

## Eng Zockerschmier?

Mir hunn et – ee Gléck – zimlech einfach, deer markanter Sätz/Begrëffer/Spréchwieder aus deene Sproochen ze behalen, déi mir an deene Joere léieren, an deene viles esou llicht an d'Käppercher geet... an dran hänke bleift. Domat hu mir et ower och dacks schwéier, déi Elementer an eiser Sprooch ze gebrauchen. **D'Lëtzebuergesch huet ower maandelweis Ausdrucksweisen/Spréchwieder, déi genee datselwecht soe wéi däitscher oder franséischer.** E formidabele Bewäis huet de Mil Goerens äis an sengem **Buch „Vun der Long op d'Zong“** geliwwert, an deem dir esou zimlech alles begéint, wat et an deem Sënn am Lëtzebuergesch gëtt; dir fannt et zesoen an all éierbarem Bicherbuttek, sief et fir iech selwer oder als giedeleg (nëtzleche) Cadeau fir déi eng oder aner Geleeeënheet.

**Wat dir ower net am „Goerens“ braucht ze sichen, dat ass en ZOCKERBROUT!** Genee esou gëtt et do kee „Botterbrou“ ... well dat ass nun emol op Lëtzebuergesch déi onverwiesselbar SCHMIER! Wann dann och nach een um Mikro mengt, hie misst eppes vu „Päitsch an Zockerbrou“ vun sech ginn... da weist e just, datt hien säin „**Handwierksgechie**“ net am Grëff, oder sech einfach vergraff huet! Huet dir iwregens ewell dru geduecht, datt eng „Schmier“ an z. B. och „Gebeess“ deer aller-typeschster lëtzebuergescher Ausdréck sinn?! Datselwecht kann ee roueg vum SCHOCKLASBOTTER soen... deen op d'mannst esou gutt schmaacht wéi den „Nutella“. Oder?

## Muss dat sinn?

„Dat ass bequem“ = kamoud/praktesch

„ab 2 Auer“ = vun 2 Auer un

„ausserhalb vun der Stad“ = bauss(en)t der Stad

„innerhalb enger Stonn“ = bannent/an enger Stonn

„mëttlerweil“ geet dat = elo/vun elo u geet dat

**Da brauche mir et och net am Radio. Dann: Merci!**

## Generalversammlung vun der A-L

Samschdes, den 28. Mee 2016

Mëttes um 15 Auer

Am Stadgronn – 2, rue Sosthène Weis

Riets vum Breedewee

Bus 23 (>Gare!) – Halt/Arrêt vis-à-vis vum Cercle Münster

Parking „Hellege Geescht“ (Lift fir an de Gronn)